

Bleiwien, wéi gewinnt...



D'Noriichte kommen su lues op en Enn.

„Bleiwien, wéi gewinnt, d'Finanzen an de Bléck op eist Wieder.“

Bei de Finanze gesäit et wéi ëmmer trist aus: Krisis, Scholden a Spueren. En déckt Lach am Portmonni. Hoffentlech gëtt et beim Wieder dann e bëssche méi frëndlech. Has de gemengt! Wat fir eng Wiederrouk och ëmmer haut dru kënnt – de Wiederfräsch ass jo schonn eng gutt Zäit pensionéiert – ob Thorunn, Joelle oder Monica – si kënnegt näischt Gutts un:

„Eng Schlechtwiederfront kënnt scho moies fréi zu Fréiseng an eist Ländchen a mécht sech et bei eis gemittlech. Iwwerdeems kënnt de Reen fiischt vu Stengefort erfört, verléisst de Grand-Duché dann awer e puer Stonne méi spéit duerch d'Pommerlach. Dat ass dann och net méi wéi richtig: Wat ënnen aus der Belscht kënnt, kann uewen och roueg rëm an d'Belscht fortgoen. Fir de Rescht misst et drësche bleiwien bei lech suwuel op der viischerter wéi och op der hënneschter Dier. Ma opgepasst: D'Loft bléist ferm vum Wandhaff iwwert d'Kap. Deckt Är gekrauselt Zalot gutt zou, soss kéint se mol decoifféiert ginn. Op der Houschterdeckt heescht et sech besonnesch an de fréie Moiesstonne gutt amummelen, an zu Wäiswampech ass suguer mat e puer Schnacke Fléi ze rechnen. Zu Béiwien – Bavigne, der ausgewisener Nordkap vum eisem Land – muss ee sech besonnesch waarm undoen. Do ass Permafrascht an et schnaddert een sech duerch den Dag. D'Wandstéiss féitschen dann am Laf vum Nomëtteg duerch d'ganzt Land a kënne mat Momenter alt bis zu 70 an der Stonn errechen; Si halen sech an den Uertschaften u keng Vitesslimite an errechen am Éislek Spëtze bis zu 547 m (Schwaarzenhiwwel) oder suguer 549 m (Napoleonsgaard). Opgepasst, si blösen lech den Hutt vum Kapp an d'Paréck vun der Kopp.“

Ass dat do dann net fir d'Flemm ze kréien! Mol net d'Monica, bei deem een dach menge misst, et kéim elo en Héichdrock vun op d'mannst véierzeng Deeg, ass e Garant vun éierbarem Wieder.

Wann ech elo éierlech sinn, da vertrauen ech lech eppes un: Ech kucke léiwer d'Meteo um Fransous wéi um Lëtzebuurger, léiwer d'Anaïs Baydemir op France 2 wéi d'Thorunn Egilsdottir op RTL. Ech soen lech och firwat: Frankräich ass vill méi grouss wéi Lëtzebuerg, an dofir och vill méi déif. A ganz ënnen a Frankräich ass de Midi. Ann do ass et meeschtens schéin. A fir dee Lichtschimmer, dee Sonnestreech ze weisen, muss d'Anaïs déif an d'Knéie goe, vill méi déif wéi d'Thorunn, wann hatt eis wëll kloer man, wéi bedeckt a bronkeg et rëm am Minett ass. A mir gefällt dat, wann d'Anaïs, eng richtig charmant Wiederfee, sou déif an d'Knéie geet fir mir däitlech ze man, wéi total degagéiert a voller Sonn dach rëm eng Kéier dee süd-östlechen Zipfel vum Hexagone ass. Anaïs, Anaïs, Pastis: À la vôtre! Et ass schwéier, hei uewe gudder Déng ze sinn, suguer mat Bofferdeng, wann et vu Schëffleng bis rop an d'Spëtzt vum Schong an engem Stéck schifft. Et géing jo vëlleg duergoen, wann d'Meteo hei bei eis nëmmen eemol am Mount ugesot géif. Da kéinte mer, wéi gewinnt, e midde Bléck op eist Wieder geheien, an dat géif sech dann ongeféier sou resuméiere loossen:

Am **Januar** ass et naass a kal –
Komm an de Matsch! Kee Schnéi – ma bal.

Am **Februar** ass et naass a flicht;
Et reent net, ma et fisemt liicht.

Am **Mäerz**, do kënnt all Dag eng Schauer;
Dat schléit der op d'Gemitt op d'Dauer.

Abrëll weess dacks net wat e wëll;
No Wierm am Bulli sicht eng Pëll.

Meereenchen ass eng giedlech Saach –
Net wann et sabbelt Dag fir Dag.

't ass **Juni**, lo gëtt d'Wieder „besser“:
't reent aus der Strenz, net wéi aus Fässer.

Am **Juli** wëllen d'Kanner schwammen –
Ma d'Schwämm ass zou an d'Flëss déi klammen.

August – haut sinn et 30 Grad;
E Wieder kënnt, d'Leit gi genat.

September – 't gëtt en naassen Hierscht;
Wier Summer net eng Supp gewiescht...

Oktober – wo dech net op d'Stroos:
Op Nues a Fang're wiißt der Moos.

November – lo ass décke Niwwel;
Am Niwwel bass och d u net iwwel.

Dezember – leise rieselt... wat?! –
Et sabbelt, 't schifft – d'Leit sinn es sat!

Fazit:

Mat London man der vill de Spott –
Ma Lëtzebuerg: là, c'est la flotte!

Roland Harsch



Roland Harsch
**Bauzegkeet
 meets
 leselzegkeet**
PUB GOES ÄTHER



Ma haut mierke mer jo selwer, wa mer
UNI GOES ESCH
 an d'Ausland ginn, dass Englesch
OPL GOES KNUEDLER
 an deene leschte Joren ëmmer méi
CONSOLATRIX GOES GROUSSGAASS
 Ëmgangssprooch gëtt. [...] Et muss ee genuch
GËLLE FRA GOES PAVILLON
 Englesch verstoen, fir un der internationaler Debatt
MËNZ GOES FLEETEN
 kënnen deelzehuelen. [...] An enger ëmmer méi
HUMMER GOES NEI AVENUE
 vernetzter Welt, enger méi oppener Ekonomie,
ATF DINGO GOES MAT
 an enger Zäit, wou d'Musek an der Wirtschaft
HENRI GOES CABASSON
 méi staark op anere Plaze spillt wéi heiheim,
RÉISER GOES ROCK-A-FIELD
 musse mer eis Schüler fit maache fir dësen Challenge.
MËSCHTEKOUF GOES MUDAM
 Englesch ass wichteg, a seng Positioun ze stäerken
OCTAVIE MODERT GOES MIERSCH
 ass richtig. (Mady Delvaux-Stehres) [...] Dat modernt
SCHOUL GOES D'BAACH ERAN
 Iwwerbetoune vum Engleschen ass nees utilitaristesch –
LET'S GO SOUTH
GOOD IDEA!
ROCK MY SOUL
PIMP MY CHURCH
PAX MY ROSENEN HOND
 Wat net esou ausgesäit, wéi wann et direkt a praktesch ze
LOVE YOUR CAR
FEEL YOUR EMOTIONS
KISS MY
 verwäerte wier, dat ass näischt.
CALL A BUS
FLY IN GOOD COMPANY
 Fir e gudden Utilitarist ass dofir Literatur net vill wäert:
SUMMER IN THE CITY
URBAN MEETS LENTZEN ECK
MIEZ MEETS PUSSYCAT
 Goethe, Schiller, Thomas Mann, Hugo, Molière, Verlaine,
SPORTS MEET FASHION
MANTEL MEETS SONNDEG
BAUZEGKEET MEETS IESELZEGKEET
SHOP AND SMILE
 all déi hu kee praktesche Wäert,
BE REEL – BE ZÜRICH
 si sinn also reaktionäre Schoulballast.
LET'S GET LOUD
SAVE YOUR EARS
ROCK ON THE BOCK
JUNCKER ON TOUR
JANG ON ORBIT
 Literatur ass dofir net méi gefrot,
WHAT A SHOE CAN DO
DINING BY KICHECHEF
EASY HEALTH
EASY PROTECT
 emol net
JEWI GOES SOFA
HERE WE ARE!
 am Engleschen. (Fernand Kartheiser) *.

* De lëtzebuergeschen Text ass aus dem *Compte rendu des Séances Publiques* (Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg) No 2, Session ordinaire 2010-2011, séance du 20.10.2010.